



# CARLO THELEN

*Lobbyist fir Rulings, Rüstung a russesch Suen*  
„Wann d'Leit zu Lëtzebuerg méi Suen hunn,  
fléissen déi an d'Ausland.“

De Carlo Thelen, Generaldirekter vun der Handelskummer an aktiivste Spriecher op RTL nach virum Fränz Aulner, weess, wat déi Lëtzebuerger Wirtschaft brauch: de Wirtschaftswuesstem. A wat Wuesstem ugeet, ass de Carlo méi aggressiv wéi eng Kriibs-metastas. Mindestloun? Schlecht. Sonndes fräi? Schlecht. Méi Fraen a Féierungspositiounen? „Wa keng Fraen do sinn, da sinn ebe keng do. Da kann een se net erbäizauberen.“ Staat a Bürokratie? Kann duerch KI ersat ginn. A Mënscherechter? Och schlecht. Do hu Länner, wou bei der Sklaverei net sou genee higekuckt gëtt, e kompetitive Virdeel.

D'Zukunft gesäit hien awer net just schwaarz. De Sekretär vum Militärindustrie-Interessensverband LuxDefence hofft op d'Rüstungs-industrie. An doduerch, dass déi Belsch-Lëtzebuergesch Wirtschaftskummer a Russland Seminarer zum Ëmgoen vun europäeschen Sanktiounen ubitt, kënne mer och hei vun all Säit profitéieren. Falls de Carlo Thelen gewënnt, kënne mir garantéieren: säi Gëllent Kallef huet aus Käschteeffizienzgrënn definitiv nach ni eng Wiss gesinn.